FILM

D'Revanche vum Andy B.

Well den Andy Bausch beim "Club des Chômeurs" Xenophobie virgeworf krut, mécht en elo bei "La revanche" op Multikulti. Dat mécht nach kee gudde Film draus.

(rw) – "Du ale verhouerte Sak" - Ass dat net e coole Sproch? Abee, deen an nach anerer aus dem Andy Bausch sengem neiesten "Chädöver" kënnt der iech elo vun der RTL-Homepage erof op är Computertasten setzen - an äre Chef domat nerven zum Beispill. "Gäil, hä?" Ongeféier sou gäil wéi de ganze Film.

Man nehme: Foussball, Cabaretromantik, Mafia, eng Rei soi-disant Sex-Szenen, eng Grimmel Fraefeindlechkeet an eng absolut mickreg Story, a scho lafen d'Lëtzebuerger nees an de Kino. Am "Land" zéckt de Peter Feist net, vun engem "Meilenstein auf dem Weg zur Europäisierung des Luxemburger Films" ze schwätzen.

D'Story ass ganz schnell gezielt: D'Chômeuren aus dem Club vum éischte Film hu sech etabléiert. Ee vun hinnen - de Jerôme - schafft elo selwer beim Aarbechtsamt, bedreiwt awer niewebäi och nach e Cabaret. Hie kënnt op déi glorräich Iddi, d'Lëtzebuerger Footballs-Misär ze stoppen, andeems en eng Equipe mat e lauter Football-Staren op d'Bee setzt, déi et am Ausland ze kafe gëtt. Seng Kollegen, déi sech owes bei der Téik vu sengem Cabaret treffen, paken eng Hand un, fir Investisseuren ze fannen. D'Cabaretsmadammen liwweren dobäi "leichtbeschürzt" den Dekor. Dem Jérôme seng Fra fënnt dat alles net esou witzeg, a well hien si "net méi upeekt", geet si mol kuerz friem.

Déi Geschicht liwwert dann d'Geleeënheet, fir d'Honnertst aalbekannte Klischeeën ze beméien, woubäi ni kloer ass, ob den Andy Bausch dat nëmme mécht, well et gutt ukënnt, oder et och nach selwer witzeg fënnt - wahrscheinlech di zwee. Zum Beispill: Eng Fra seet meeschtens nee, mengt awer jo. D'Lëtzebuerger kënnen (nach ëmmer) net propper Franséisch schwätzen. D'Preise sinn Dreckssäck. D'Staatsbeamte schaffen näischt. Am Cabaret ass alles fein, et ass am Fong en Tempel vun der Völkerverstännegung, an d'Jonge brauchen dat einfach. Ee vun hinne bestiit souguer eng Cabarets-Artistin a rett se domadder virun der Ausweisung. Wat feelt nach? A jo, de Paschtouer am Cabaret, höhö.

Subtilitéit ass net dem Andy Bausch seng Stäerkt, dat beweist en no "Troublemaker" a "Club des Chômeurs" hei op en Neits. D'selwecht onsubtil ass säi Versuch, un de Kultstatus unzeknäppen, deen dës zwee Filmer bei engem gewësse Publikum genéissen. Mä och handwierklech ass "La revanche" schwaach, an dat bei engem Regisseur, deen an Däitschland als Profi schafft - mä do léisst e meeschtens d'Fangere vum Schreiwen. E konfuse Szenario, eng Hällewull vu Personnagen, déi d'Story iwwerlueden, an zimlech vill Längte suergen dofir, dass een de Film emol net als kleng Komedie ka genéissen. Dat eenzegt, wat gutt eriwwer kënnt, ass d'Filmmusek vum Serge Tonnar, an déi eng oder aner schauspilleresch Leeschtung, wéi déi vum Änder Jung oder vum Sascha Ley. Si wierken awer scho bal deplacéiert an engem Film, dee wéi e verlängerten "La Luxembourgeoise"-Spot dohier kënnt.

Eent ass sécher: Den Andy Bausch a säi Publikum passen zesumme wéi d'Fauscht op d'A. Hie produzéiert déi Spréch, déi verschidde Lëtzebuerger gär héieren an och selwer zielen. An dat Bild vu sech, wat se gären hätten: Gutt am Soff mä soss net uerg. Hie verëiwegt domadder awer just Stereotypen, amplaz en authentëscht Bild vun der Realitéit ze bréngen, wéi et déi englesch Sozialkomedien oft fäerdeg bréngen. Am éischte Film wor et de Message: "D'Chômeure wëllen iwwerhaapt net schaffen." Dat huet anscheinend kee gestéiert, dogéint ass dem "Club des Chômeurs" Auslännerfeindlechkeet virgehäit ginn, an dat fënnt den Andy wuel och net cool. Duerfir gëtt sech elo an der "Revanche" revanchéiert, andeems e Beur, eng Brasilianerin an eng Ukrainerin optrieden, an et gëtt souguer d'Gespenst vun der Groussregioun beméit. Dat verhënnert awer net, dass hei genee sou platt Messagen eriwwerkommen, déi Kéier eben iwwer "richteg Männer" a "richteg Fraen". De Scoop vum Film ass dann, dass d'Fraen dem Jérôme säi Foussballsclub retten. Mä awer net, well, wéi mëttlerweil all Kand weess, Fraen och gutt Football spille kënnen. Neen, op déi gutt al Method, mat de "Waffen der Frau".

Renée Wagener

Am Utopolis.

Net de Johnny Chicago, mee de Geronimo am Trainingskostüm: Den Thierry Van Werveke gëtt am Andy Bausch senger "Revanche" net richteg eens, net mam Foussball an och net mat de Fraen.

CHANSON

On connaît la chanson

Ses titres font partie aussi bien de la culture populaire que de l'inconscient collectif: Myriam Gracia et Alain Holtgen réinterprètent le répertoire de George Brassens.

"L'extraordinaire, avec Brassens, c'est qu'au détour de n'importe laquelle des 230 chansons qu'il nous a léguées - et que l'on croit, à tort, connaître par cœur - on finit toujours par dénicher quelques petites merveilles, jusque-là passées inaperçues". Cette citation est de Joël Favreau, dernier guitariste-accompagnateur du "Bon Maître", mais elle aurait tout aussi bien pu être attribuée à une pléiade d'artistes de renom, entre autres Barbara ou Renaud, qui ont un jour entrepris d'inscrire les œuvres prestigieuses de "Tonton Georges" à leur propre répertoire.

Autodidacte timide, admirateur inconditionnel du "fou chantant" Charles Trenet, féru de littérature et de poésie, Georges Brassens fait ses débuts, très vite remarqués, sur la scène du cabaret montmartrois de la chanteuse Patachou. Ses premiers enregistrements datent de 1952 ("La mauvaise réputation" en 78 tours) et, pendant un quart de siècle, à raison d'un album d'une douzaine de titres en moyenne, tous les 2 ans, le "polisson de la chanson" enrichira la langue française d'une multitude de pépites d'écriture (et d'interprétation) qui lui vaudront d'entrer tout droit et de son vivant, au panthéon des musiciens et des poètes. Aux éventuels sceptiques qui jugeraient le propos un rien exagéré, conseillons-leur de fredonner autour d'eux quelque chose du genre "Elle est à toi, cette chanson …", "Un p'tit coin d'paradis pour un coin d'parapluie …" ou "Quand Margot dégrafait son corsage …" et ils auront rapidement une idée assez précise de la place que Brassens occupe aujourd'hui dans la culture populaire et l'inconscient collectif.

Rongé par la maladie, il meurt le 29 octobre 1981. Il venait d'avoir 60 ans. La nouvelle de son décès - que ses proches avaient réussi à cacher jusque dans la soirée du 30 - provoque, bien au-delà des frontières de la francophonie, une énorme vague de tristesse et d'émotion. Souvenirs personnels de ce grisâtre samedi d'automne: un fraternel "Brassens casse sa pipe" barre la une du quotidien "Libération", tandis que sur France Inter, 24 heures durant, tous les bulletins d'information de la station commencent par une chanson du disparu.

C'était il y a donc 23 ans de cela et, loin d'avoir faibli, la "Brassensmania" continue de faire des émules. Dernière illustration en date, le spectacle "B comme Brassens" que les comédiens Myriam Gracia et Alain Holtgen, accompagnés par le (subtil) guitariste Remo Cavallini, proposent jusqu'au 9 octobre à l'Art Café de Luxembourg-Ville. Sans en dévoiler les détails, indiquons juste que, comparée à la plupart des hommages purement musicaux rendus à Brassens, cette création a pour originalité son approche "théâtro-musicale" et la mise en scène des chansons qui y sont interprétées. Ainsi, le néophyte (dans l'improbable hypothèse où il y en aurait encore dans la région …) autant que le connaisseur averti (la salle en est pleine!) peuvent aborder à armes presque égales cette évocation souriante et parfois décalée de quelques thèmes chers au regretté Brassens: la gent féminine croquée sous toutes ses coutures, le mâle un peu naïf et ses déboires sentimentaux, une pincée d'anticléricalisme, un zeste d'anarchie, un clin d'œil humaniste et une solide gorgée d'amitié virile figurent au programme.

Michel Depoulain

Déjà de son vivant, Georges Brassens est entré au panthéon des musiciens et des poètes.